ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 DEC. 2015
1625

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzegt Sécherheet weiderzeleeden.

*Am Kader vun der Bedrohung duerch den Terrorismus, huet d'Regierung an der Chamber e Gesetzesprojet hannerluecht deen eise Sécherheetsorganer eng Réi nei Moossnamen zur Verfügung stellt fir d'Sécherheetslag ze verbesseren.*

*Nieft dëse juristesche Mesuren ass et awer och wichteg, datt ons Sécherheetsorganer iwwert dat néidegt Personal verfüge fir hir Missioune kënnen ze erfëllen.*

*Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir bannenzegt Sécherheet dës Froe stellen:*

1. *Wéi héich ass den autoriséierten Effektiv vun der groussherzoglecher Police?*
2. *Ass d'Regierung der Meenung, datt dësen Effektiv duergeet oder soll en, am Liicht vun de rezenten Evenementer, erop gesat ginn?*
3. *Wéi ass d'Verhältnis, pro Carrière, tëschent dem autoriséierten an dem reellen Effektiv?*
4. *Ginn déi aktuell Rekrutementer duer fir d'Polizisten déi an d'Pensioun ginn ze ersetzen an d'Effektiver opzestocken? Wann neen, wat wëll d'Regierung ënnerhuele fir dëse Rekrutement ze verbesseren?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten